N°1549
Entrée le 20.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.11.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Wien ee Bankkonto huet, dee profitéiert hei zu Lëtzebuerg vun engem Schutz fir déi Suen, déi um Konto drop sinn. De Montant ass zënter 2015 net méi ugepasst ginn. An deene leschten 10 Joren ass d'Inflatioun hei am Land awer ëm iwwer 20% geklommen an 100.000 Euro am Dezember 2015 entspriechen ronn 122.000€ am September 2024 (Rechnung: https://statistiques.public.lu/fr/services-public/simulateurs/inflation.html)

An der Äntwert op d'Fro n°1500 iwwert d'Bankgarantie huet de Finanzminister geschriwwen, dass een d'europäesch Initiativ iwwert eng Erhéijung vum harmoniséierte Montant vun der Garantie de dépôt wéilt ofwaarden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung, bei der Reform vum Krisemanagement vun de Banken, fir eng Erhéijung vum Basismontant vun der Garantie de dépôt antrieden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten